



N° 6699
Entrée le 23.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.08.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här
Ekonomieminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Déi héich Inflatoun bedeit fir d'Bierger allgemeng e substantielle Kafkraftverloscht. Nieft dem
Verzicht ginn d'Leit a verschiddene Länner vun der Eurozon awer och ëmmer méi dacks mat
existenzielle Froe konfrontéiert. A Frankräich huet d'Zuel vu Privatleit déi den Obligatiounen aus
hire Prêten net méi nokomme kënnen de leschte Mount ëm 30 Prozent par Rapport zum Juli
2021 zougeholl. An Däitschland rechent de Verband vun de Spuerkeesen domat, datt geschwë
60 Prozent vun de Leit guer näischt méi spueren an domat och keng Reserven fir kuerzfristeg
net geplangt Ausgabe méi opbaue kënnen.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi d'Entwécklung vun der Ausfallquot
vu private Scholden zu Lëtzebuerg pro Mount iwwer d'Joren 2018 bis 2022 (Juli
inclus) dokumentéiert?
- 2) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi, déi duerchschnëttlech Spuerquot
vun de Lëtzebuenger Stéit iwwer d'Joren 2018 bis 2021 dokumentéiert a
preziséieren, wéi héich jeeweils den Undeel vun deene Stéit war, déi guer keng Sue
méi op d'Säit leeë konnten?
- 3) Mëttelfristeg kann eng méi geréng Spuerquot sech och negativ op d'Vefügbarkeet
vu Kapital an domat d'Investitiounsméiglechkeete vun de Betriber auswierken. Kann
d'Regierung eng Tabell presentéieren déi d'Entwécklung vun der Gesamtpuerquot
vun eiser Economie a Relatioun zum PIB fir d'Joren 2010 bis 2021 dokumentéiert a
preziséieren vu wéi engen Erwaardungen si opgrond vun der aktueller Kris fir d'Joren
2022-2025 ausgeet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten



Äntwert vum Wirtschaftsminister a vun der Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6699 vum 23. August 2022 vum Här Deputéierte Roy Reding a vum Här Deputéierte Fernand Kartheiser

D'Entwécklung vun der Ausfallquot d.h. de Montant vn private Scholden déi net méi zeréckbezueelt kënne ginn (Non-Performing Loans) par Rapport zum Gesamtvolume vu Scholde bei de Stéit zu Lëtzebuerg, ass am Tableau hei drënner a Prozent pro Trimester ofgebilt:

Ausfallquot vu private Scholden zu Lëtzebuerg (Trimester - %)	
2017/1	1.81
2017/2	1.75
2017/3	1.75
2017/4	1.67
2018/1	1.41
2018/2	1.39
2018/3	1.37
2018/4	1.26
2019/1	1.35
2019/2	1.35
2019/3	1.36
2019/4	1.27
2020/1	1.22
2020/2	1.25
2020/3	1.34
2020/4	1.30
2021/1	1.24
2021/2	1.25
2021/3	1.18
2021/4	1.12
2022/1	1.09
2022/2	1.05

Source: CSSF

Et ass an deem Kontext ze bemierken, datt d'Ausfallquot vu private Scholden zu Lëtzebuerg op engem historeschen Déif läit, a Lëtzebuerg aktuell déi niddregst Quote an der EU huet.

D'Entwécklung vun der duerchschnëttlecher Spuerquote vun de Stéit d.h. de Volume vun deem wat gespuert gëtt par Rapport zum Revenu disponible ass am Tableau hei drënner pro Joer opgelëscht:

Spuerquot vun den Stéit (Pro Joer/%)	
2018	13.7
2019	14.8
2020	24.7
2021	21.6
2022 (Prévisioun)	18.9
2023 (Prévisioun)	18.7

Source: Statec, Comptes Nationaux (2018-2021); NDC 1-2022 (2022-2023)

Wéi een am Tableau gesäit ass d'Spuerquot 2020 an 2021 méi héich gewiescht. Déi staark Steigerung vu bal +10 Prozentpunkten ass op d'Covid Kris zeréckzeféieren.

An senge leschte makroekonomesche Prognosen, geet de Statec vun enger Baisse vun der Spuerquot fir 2022 aus. D'Spuerquot wäert viraussichtlech am Joer 2023 weider liicht zeréckgoe fir sech ronderëm en Niveau ze stabiliséieren, deen erëm méi am Aklang mat den histoiresche Moyenne vun dësem Taux wäert sinn.

An enger klenger oppener Economie mat enger Finanzplaz, déi gréisstendeels international orientéiert ass, gëtt et keng direkt Korrelatioun tëschent der Spuerquot an den Investitiounen an d'Gesamteconomie.

Lëtzebuerg, den 27/09/2022

De Wirtschaftsminister

(s.) Franz Fayot